

Lëtzebuerg, den 26. September 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Et ass mer zu Ouere komm, dass et aktuell eng ganz Partie Problemer beim Mobibus, dem Transport vu Persoune mat enger Behënnerung, gëtt, déi haaptsächlech mat der Aféierung vun engem neien informatésche System zesammenhängen. Sou géif et reegelméisseg zu Komplikatiounen an däitleche Verspéidunge kommen.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- Kann den Här Minister dës Informatiounen confirméieren?*
- Wat sinn déi genee Grënn heifir?*
- Wéi wëll den Här Minister d'Situatioun esou séier wéi méiglech verbessern?“*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu